D10.
Geschlecht :

1: ee Mann
2: eng Fra

D11.
Wéi al sid Dir w.e.g

D.S1
Sid Dir zu Lëtzebuerg gebuer ?

1: jo
2: nee
3: NSP

D.S2
Sin Är beed Elteren zu Lëtzebuerg gebuer ?

1: jo
2: nee
3: NSP

Q1.
Global gesin, wéi betruecht Dir Äre Gesondheets-Zoustand haut?

1: Ganz gudd
2: Gudd
3: Mëttelméisseg
4: Schlecht
5: Ganz schlecht
6: NSP
7: Refus

Q2.
Am Laaf vun de *FONT 3 läschten Deeg*FONT 0 hut Dir do..

1: guer keng
2: e bësschen
3: mëttelméisseg
4: vill
5: oder immens vill..
6: NSP
7: REFUS

1: Schwieregkeeten gehat fir Iech ze deplacéieren?
2: Schwieregkeeten gehat fir Iech ëm Iech ze këmmeren (zum Beispill fir Iech\ ze wäschen oder Iech unzedoen)?
3: Schwieregkeeten gehat fir ze schaffen oder fir äre Stot ze maachen?
4: Peng gehat oder soss eppes wat Iech behënnert?
5: Ängschten gehat, Trauer oder Suergen verspuert?
6: Schwieregkeeten gehat fir Iech ze konzentréieren oder fir Iech un eppes ze erënneren?
7: relationnel Schwieregkeeten oder Schwieregkeeten fir ze partizipéieren gehat an ärer Communautéit

Q3.
a) Am Laaf vun deenen läschten 30 Deeg, wéivill Deeg war Dir do nët am Stand de Stod ze maachen?

(INT.: INSCRIRE NOMBRE DE JOURS, SI DEMI JOURS, ARRONDIR A L'UNITE SUPERIEURE,
SI AUCUN, INSCRIRE '00',
SI N'ACCOMPLIT JAMAIS DE TACHES MENAGERES, INSCRIRE '98',
SI NE SE SOUVIENT PAS OU NE SAIT PAS, INSCRIRE '99')

wéivill Deeg war Dir do nët am Stand de Stod ze maachen : NB

Q3.
b) An wéivill Deeg wart Dir nët kapabel fir schaffen ze goen?

(INT.: INSCRIRE NOMBRE DE JOURS, SI DEMI JOURS, ARRONDIR A L'UNITE SUPERIEURE,
SI AUCUN, INSCRIRE '00',
SI NE TRAVAILLE PAS, INSCRIRE '98',
SI NE SE SOUVIENT PAS OU NE SAIT PAS, INSCRIRE '99')

nët kapabel fir schaffen ze goen NB

Q4.
Wann mir di ënnerschidlech Aspekter vun Ärem aktuellen Gesondheetszoustand kucken, wéi Dir mir se ugin hut, op wat fir engem Niveau situéiert Dir Iech op dëser Skala? "100" bedeit, dass Dir an deem bäscht méiglechsten Gesondheetszoustand sid, "0" bedeit, dass Dir doud sid, die Zifferen dozwëschend erlaaben Iech fir Är Äntwert ze nuancéieren.
REFUS = 998
NSP = 999

Q5.
Ech liesen Iech elo ënnerschiddlech Situatiounen fir, mat fiktive Personnagen. Fir jidfereng vun hinnen, sot mir w.e.g. wéi Dir d'Peng oder d'Behënnerung (Gêne), déi dee Personnage huet, bewert an deem Dir di folgend Skala benotzt. (LIRE)

1: Guer keng
2: schwach
3: mëttelméisseg
4: stark
5: ganz stark
6: NSP

1: De "Mark" huet Peng an de Gelenker, die praktesch konstant as. Dës Peng as méi stark moies. D'Anhuelen vun den Medikamenter berouegt d'Peng mee deet se nët komplet verschwannen. D'Peng mecht all Bewegung desagreabel wann hien Saachen déplacéiert, hieft oder unhaale muss.
2: Den "Philippe" huet d'Hëft wéi, wat hien dorun hënnert ze schlofen. D'Peng as permanent do mee hënnert hien nët fir sech ze déplacéieren.
3: Dem "Jim" deet säi Réck därmoossen wéi, esou dass hien all Kéiers wéi huet, wann hien d'Positioun wiesselt. Hien as nët kapabel fir méi wéi eng hallef Stonn um Steck riicht ze stoen oder ze sëtzen. D'Medikamenter erlaaben him fir d'Peng

e bësschen ze reduzéieren, mee en leid andauernd an dat hënnert hien dorun seng alldeeglech Aufgaben ze erleedegen.
4: "D'Laura" huet eemol pro Mount Kapwéih. Dës Peng as eng Stonn nodeem et en Medikament geholl huet bal ewech. Trotz senger Kapwéih kann ët säin Alldag erleedegen.
5: Den "Tom" huet ënnert starken Zännwéih ze leiden wärend 10 Minuten ongeféier, X-Mol am Dag. D'Peng as därmoosseen staark dass den Tom Schwieregkeeten huet op senger Aarbecht sech konzentréieren ze kënnen.
6: "D'Patricia" huet Migräne eemol pro Woch. Déi Peng leet sech erréicht no 3 bis 4 Stonnen no deems ët Medikamenter geholl huet. Während der Kris huet hat keng aner Léisung wéi sech ze leehen, an ët kann also näischt aneschtes maachen.
7: Den "Steve" spirt eng schlëmm Peng an der Nuque déi bis an d'Ärm zitt, d'Medikamenter an d'Behandlung schloen nët un fir se ze berouegen. D'Peng as permanent staark an ët kënnt dacks vir dass en doduerch erwecht. Hien ass dozou verurteelt andauernd am Bett ze bleiwen wat dozou féiert dass en oft Selbstmordgedanken kritt.

Q6.
Ech liesen Iech elo aner Situatiounen fir mat fiktive Personnagen. Sot mir fir all Situatioun, w.e.g. mat dëser Skala wéi Dir d'Schwieregkeeten vun deem Personnage aschätzt fir seng Autonomie ze behalen?

1: Guer keng Schwieregkeeten
2: e puer Schwieregkeeten
3: mëttelméisseg Schwieregkeeten
4: vill Schwieregkeeten
5: ganz vill Schwieregkeeten
6: NSP

1: De "John" ka sech nët wäschen, nët coifféieren, sech nët undoen ouni Hëllef vun enger anerer Persoun. Mee hie brauch awer keng Hëllef fir ze iessen
2: De "Pit" ka sech d'Gesiicht wäschen an sech coifféieren, mee kann säin ganze Kierper nët ouni Hëllef vun enger anerer Persoun wäschen. Hien brauch Hëllef fir sech uewen unzedoen, mee hien ka sech ganz eleng ënnen erëm undonen. Mee hien brauch keng Hëllef fir ze iessen.
3: "D'Rachel" huet Peng a fillt sech behënnert wann hat sech wäscht oder wann ët sech coifféiert. Folglech verzicht hat op alles fir sech schick ze machen. Hat braucht Hëllef vun enger aneren Persoun fir sech un-an auszedoen. Hat huet guer kee Problem fir selwer ze iessen.
4: "D'Hélène" as emmer tip top noenee gemaach. Hat brauch vun kengem Hëllef weder fir sech ze wäschen, nach fir sech unzedoen, nach fir d'Iessen.
5: "D'Anne" brauch 2 Mol méi laang Zäit wéi die aner fir sech un-an auszedoen, mee hat brauch keng Hëllef dofir. Hat as kapabel fir sech eleng ze wäschen, ze coifféieren, och wann dat méi eng grouss Ustrengung erfuerdert an ët obligéiert sech hallef esou oft ze bueden. Mee ët brauch kengem seng Hëllef fir ze iessen.
6: "D'Maria" brauch eng permanent Assistenz fir sech ze wäschen an fir sech ze coifféieren an ët ka sech weder eleng undoen nach eleng iessen.
7: De "Paul" huet kee Problem fir sech ze wäschen, sech unzedoen, oder eleng ze iessen. Mee hien kann nëmmen Kleeder mat Tirette oder Pressknäpp undoen, well seng Peng an de Gelenker ët verhënnert fir seng Kleeder op- oder zou ze knäppen.

Q7.
Et gët verschidden Typen vu Plazen wou Dir *FONT 3Gesondheetsservicer*FONT 0 fannt. Kënnt Dir fir all Kategorie d'Zuel vun de Visiten ugin, die Dir *FONT 3am Laaf vun deenen läschten 30 Deeg*FONT 0 do gemaach huet.

(INT. : INSCRIRE LE NOMBRE DE FOIS, SI JAMAIS ETE, INSCRIRE '00',
SI NE SE SOUVIENT PAS OU NE SAIS PAS, INSCRIRE '99')

Generalisten, Hausdokter :

Zänndokter :

(Médecins-)specialisten :

Kinésiterapeuten :

Chiropraktiker :

Heilpraktiker :

Dispensairen (Infirmièren) :

Spidol (extern Konsultatiounen) :

Spidol (Hospitalisatioun) :

Apdikt (op eege Fauscht Medikamenter huelenan deem een dem Apdikter säi Rot freet, annët just Medikamenter kaaft huet) Consultation médicale à domicile :

Aner 1 (wéivill Kéier + Text genau hinschreiwen) :

Aner 2 (wéivill Kéier + Text genau hinschreiwen) :

Aner 3 (wéivill Kéier + Text genau hinschreiwen) :

Aner 4 (wéivill Kéier + Text genau hinschreiwen) :

Aner 5 (wéivill Kéier + Text genau hinschreiwen) :

*QUESTION 14
Fir op dës Fro ze äntwerten as ët wënschenswert fir richteg ze verstoen wat een ënnert den "Zieler vun engem Gesondheetssystem" versteht.
Die fundamental Zieler vun engem Gesondheetssystem sin die hei:

1- D'Gesondheet vun der Bevölkerung verbesseren
2- Verbesserung vun der Reaktivitéit vum Gesondheetssystem
3- Fair Opdeelung vun der finanzieller Participatioun

Déi Zieler bedeiten :

1. D'Gesondheet vun der Bevölkerung vebesseren
-D'Liewenserwardung vun der Bevölkerung hëlt zou

-Die ganz Bevölkerung leid manner u Krankheeten
-Ët as nach méi Gläichheet do, wat d'Liewensdauer an d'Liewensqualitéit an d'Krankheet ugeet

2. D'Zäit vun der Reaktiounsfähegkeet vum Gesondheetssystem verbesseren
-De Gesondheetssystem respektéiert d'Rechter vun jiderengem wat seng Würd (Dignitéit), d'Autonomie, d'Vertraulechkeet an d'Kommunikatioun ugeet
-De Gesondheetssystem ass kapabel eng Basisausstattung an kurzer Zäit ze liweren, erlaabt eng sozial Ennerstëtzung die ubruecht as, an léist der Bevölkerung d'Méiglechkeet hieren Dokter eraus ze sichen
-De Gesondheetssystem behandelt jidereen op di selwecht Manéier an alle Beräicher die hei uewen erwähnt sin.

3. Fairness vun der finanzieller Bedeelegung :
-All Haushalt muss seng Kotisatioun bei der Sécurité Sociale bezuelen
-Dat hei bedeit, dass die Persoun, die eng gudd Gesondheet hut, d'Käschten vun den Soi'en mat den kranken Persounen deelen ; an dass die Räich fir die Aarm bezuelen.

*QUESTION 15
1: D'Gesondheet vun jidferengem verbesseren*FONT 0. Dat Ziel bedeit:
-Jidfereen lieft méi laang mat manner Krankheeten
-Et as méi Gläichheet um Niveau vun der Gesondheet vun den Leit, vun hierer Krankheet an vun hierer Liewensdauer

2: D'Art an Manéier verbesseren wéi d'Leit behandelt gin wann Sie gesondheetlech Fleg kréien. Dat Ziel bedeit:
-De Respekt vum Recht op d'Würd, op d'Autonomie, op d'Vertraulechkeet an op eng kloer Kommunikatioun fu jiderengem
-D'Basisausstattung, d'Sozialhëllef, die ubruecht as, an die fräi Wiehl vum Eenzelnen vun den doktesch Konsultatiounen
-All Mënsch gët d'selwecht behandelt

3: Gesondheetssoin'en bezuelen a Funktioun vun jiderengem senge Mëttelen. Dat Ziel bedeit:
-Jidfereen bezillt eng Kotisatioun vun den Gesondheetssoin'en
-D'Persounen, die eng gudd Gesondheet hun, deelen den Coût vun den Soi'en mat deenen kranken Persounen
-D'Persounen mat engem héigen Akommes bezuelen eng Partie vun den Gesondheetssoin'en fir die Persounen mat engem méi niddregen Akommes.

Q9.
Hei fannt Dir 3 fundamental Zieler, die méiglech sin fir d'Gesondheetssoin'en an eisem Land. Mir géifen gären wëssen wat as ärer Meenung d'Ziel wat *FONT 3am wichtegsten as/am mannste wichteg as*FONT 0. Sot mir wat fir eent vun deene 3 Zieler hei dat wichtegst as, an dann dat 2. an dann dat mannst wichtegst

1. D'Gesondheet vun jidferengem verbesseren.

2. D'Art an Manéier verbesseren wéi d'Leit behandelt gin wann Sie gesondheetlech Fleg kréien.

3. Gesondheetssoin'en bezuelen a Funktioun vun jiderengem senge Mëttelen.

1: dat wichtegst

2: dat 2. wichtegst
3: dat mannst wichtegst

Q10.
Huelt emol un, Dir kéint den Dokteren, den Krankenkeesen an der Regierung soen, wat fir eng Wichtegkeet*FONT 0 accordéiert gin muss wat d'Realisatioun vun dësen Objektiver ubelaangt. Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

LIESEN

1: a) Fair Kotisatioun 33%, Gesondheet 34%, Reaktiounsfähegkeet 33%
2: b) Fair Kotisatioun 30%, Gesondheet 40%, Reaktiounsfähegkeet 30%
3: c) Fair Kotisatioun 30%, Gesondheet 50%, Reaktiounsfähegkeet 20%
4: d) Fair Kotisatioun 20%, Gesondheet 50%, Reaktiounsfähegkeet 30%
5: e) Fair Kotisatioun 15%, Gesondheet 70%, Reaktiounsfähegkeet 15%
6: f) Aner (genau opschreiwen)

9: NSP-SR (SPONTANE)

Q10.
Huelt emol un, Dir kéint den Dokteren, den Krankenkeesen an der Regierung soen, wat fir eng Wichtegkeet*FONT 0 accordéiert gin muss wat d'Realisatioun vun dësen Objektiver ubelaangt. Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

ANER

Fair Kotisatioun :

Gesondheet :

Reaktiounsfähegkeet :

Q11.
An dann, sot eis wat ass d'Wichtegkeet die een dësen Zieler accordéiert wann een d'Sach just an zwee deelt. Die zwee Zieler sin hei den Duerchschnëttlechen (allgemengen) Gesondheetsniveau vis-à-vis vun der *FONT 3Reduktioun vun den Ongläichheeten am Gesondheetsniveau tëschen de Leit.
Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

LIRE

1: a) Ongläichheet reduzéieren 25%, allgemenge Niveau verbesseren 75%
2: b) Ongläichheet reduzéieren 33%, allgemenge Niveau verbesseren 67%
3: c) Ongläichheet reduzéieren 50%, allgemenge Niveau verbesseren 50%
4: d) Ongläichheet reduzéieren 67%, allgemenge Niveau verbesseren 33%
5: e) Ongläichheet reduzéieren 75%, allgemenge Niveau verbesseren 25%
6: f) Aner (genau opschreiwen)

9: NSP-SR (SPONTANE)

Q11.
An dann, sot eis wat ass d'Wichtegkeet die een dësen Zieler accordéiert wann een d'Sach just an zwee deelt. Die zwee Zieler sin hei den Duerchschnëttlechen (allgemengen) Gesondheetsniveau vis-à-vis vun der *FONT 3Reduktioun vun den Ongläichheeten am Gesondheetsniveau tëschen de Leit.
Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

LE TOTAL DOIT ÊTRE EGAL A 100%

ANER
Ongläichheet reduzéieren :

allgemenge Niveau verbesseren :

Q12.
An dann, sot eis wat ass d'Wichtegkeet die een dësen 2 Zieler.Die zwee Zieler sin hei d'Verbesserung vum duerschnëttlechen allgemengen Niveau vun den Rechter vun den Persounen op d'Würd (Dignitéit), d'Vertraulechkeet an d'Recht hieren eegenen Dokter ze wielen géint reduzéieren vun Ongläichheeten vun de Rechter vun de Persounen op d'Würd (Dignitéit)d'Vertraulechkeet an d'Recht hieren eegenen Dokter ze wielen.
Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

1: a) Ongläichheet reduzéieren 25% allgemenge Niveau verbesseren 75%
2: b) Ongläichheet reduzéieren 33% allgemenge Niveau verbesseren 67%
3: b) Ongläichheet reduzéieren 50% allgemenge Niveau verbesseren 50%
4: d) Ongläichheet reduzéieren 67% allgemenge Niveau verbesseren 33%
5: e) Ongläichheet reduzéieren 75% allgemenge Niveau verbesseren 25%
6: f) Aner (genau opschreiwen)

9: NSP-SR (SPONTANE)

Q12.
An dann, sot eis wat ass d'Wichtegkeet die een dësen 2 Zieler.Die zwee Zieler sin hei d'Verbesserung vum duerschnëttlechen allgemengen Niveau vun den Rechter vun den Persounen op d'Würd (Dignitéit), d'Vertraulechkeet an d'Recht hieren eegenen Dokter ze wielen géint reduzéieren vun Ongläichheeten vun de Rechter vun de Persounen op d'Würd (Dignitéit)d'Vertraulechkeet an d'Recht hieren eegenen Dokter ze wielen.
Ech liesen Iech e puer Méiglechkeeten vir, vir dës Zieler ënnerteneen opzedeelen je no hirer Wichtegkeet. Wann Dir eng aner Opdeelung léiwer hätt da sot mir së w.e.g.

ANER (LE TOTAL DOIT ETRE EGAL A 100%)

Ongläichheet reduzéieren :

allgemenge Niveau verbesseren :

Q13.
Hut Dir medezinesch Soin'en kritt am Laaf vun deenen läschten 12 Méint?

(INT: Genau ugin: Visiten beim Dokter an aner medezinesch Konsultatiounen oder Visiten an Spideler mat abegraff)
1: Jo -> ALLER A Q.14
2: Nee -> ALLER A Q.38
3: NSP (nët liesen) -> ALLER A Q.38

Q14.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, huet Dir do Soin'en an externen Konsultatiounen krit oder sid Dir doheem soignéiert gin? (Doktesch Praxis, Service vun der externer Konsultatioun vun enger Klinik oder engem Spidol oder egal wat fir eng Plaz wou Soin'en gemaach gin wou Dir keng ganz Nuecht verbruecht hut)

1: Jo (extern Konsultatiounen oder Visiten doheem) ->ALLER A Q.15
2: Nee (keng extern Konsultatiounen oder Visiten doheem) ->ALLER A Q.31
3: NSP (Nët liesen) -> ALLER A Q.37

Q15.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, hut Dir do haptsächlech Soin'en an enger medizinescher Ariechtung oder haptsächlech doheem kritt?

1: Haptsächlech an enger medezinescher Ariichtung
2: Haptsächlech Konsultatioun doheem
3: Esou vill an der enger wéi an der anerer (Spontan)
4: NSP (Nët liesen)

Q16.
Wéi laang läit är läscht Visite zréck (die allerläscht), die Dir an enger medezinescher Ariichtung oder bei engem Professionnellen vun der Santé gemaach hut ? Dat war...

1: Am Laaf vun deenen läschten 30 Deeg?
2: Am Laaf vun deenen läschten 3 Méint?
3: Am Laaf vun deenen läschten 6 Méint?
4: Et sin 6 bis 12 Méint hier
5: NSP - Ech erënneren mech nët méi dorun

Q17.
Wat war de Num vun der medezinescher Ariichtung?

(INT: Den ganzen Num opschreiwen, den Num vum Gebei opschreiwen z.b. Hôpital Michalon. Den Num vum Professionnellen vun der Gesondheet opschreiwen wann d'Praxis kee Num huet)

NUM :

NSP = 1
REFUS = 2

Q18.
As dat déi Plaz / Arichtung, wou Dir geweinlech hin gitt (wann ët noutwendeg as)

1: Jo
2: Nee
3: Applizéiert sech nët - huet keng Plaz, wou e geweinlech hin geht

Q19.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, wann Dir ët fir néideg fond hut, fir Iech flegen ze loossen, hut Dir dann di Fleg vun dun u krut, wou Dir de Besoin dozou verspuert hut?

1: Emmer
2: Oft
3: Heiansdo
4: Nie
5: NSP

Q20.
Wéi lang hut dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint missten warden zwëschen deem Moment wou Dir dës Soi'en gewënscht huet an deem wou Dir se och gemaach krut?
(INT. Dauer aschreiwen? Wann "NSP" -> 99)

NB Minuten

NB Stonnen

NB Deeg

NB Wochen

NB Méint

Q21.
Hut Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, Untersuchungen oder aner Labo-Analysen gebraucht? Z.b. Blutanalysen, Scanner oder Röntgen- Opnahmen

1: JO -> ALLER A LA Q22
2: NEE -> ALLER A LA Q23
3: NSP -> ALLER A LA Q23

Q22.
Wéivill Zäit hut dir am allgemengen waarden missen fir d'Resultater vun den Analysen oder den Untersuchungen ze kréien?

LIESEN / 1 ÄNTWERT

1: Manner ewéi 24 Stonnen
2: 1 - 2 Deeg
3: 3 - 5 Deeg
4: 6 - 10 Deeg

5: Méi ewéi 10 Deeg (préciséieren)
6: NSP

Q22.

Méi ewéi 10 Deeg (PRECISER)

NB Deeg

NB WOCHE(N)

NB MÉINT

Q23.A.
Global gesin, wéi schätzt Dir Ärer Erfahrung no, d'Schnellegkeet vum Zougang zou den Gesondheetsservicer am Laaf vun deenen läschten 12 Méint an ?

1: Ganz gudd
2: Gudd
3: Mëttelméisseg
4: Schlecht
5: Ganz schlecht
6: NSP

Q24.A.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint...

(LIRE)

1: Emmer
2: oft
3: heiansdo
4: nie
5: NSP

1: Wann Dir medezinesch Fleg gebraucht hut, hun d'Dokteren, d'Infirmièren oder aner Gesondheetsberuffler Iech mat Respekt behandelt?
2: D'Personal vum Accueil wéi Receptionnisten oder Verwaltungsbeamten, hun Sie Iech mat Respekt behandelt?
3: As Är Intimitéit respektéiert gin während während den Untersuchungen an den Therapien?

Q23.B.
Global gesin, wéi bewert Dir d'Manéier wéi Är Würd (Dignitéit) vun den Gesondheetsservicer am Laaf vun deen 12 läschten Méint respektéiert gin as?

LIRE

1: Ganz gudd
2: Gudd
3: Mëttelméisseg
4: Schlecht
5: Ganz schlecht
6: NSP

Q24.B.
Am Laaf vun den läschten 12 Méint hun d'Dokteren, d'Infirmièren oder aner Gesondheetsberuffler Iech emmer, oft, heiansdo oder nie..
LIESEN

1: Emmer
2: oft
3: heiansdo
4: nie
5: NSP

1: opmierksam nogelauschtert?
2: d'Saachen op eng verständlech Art an Weis erklärt?
3: Zäit gelooss fir Froen ze stellen wat Är Gesondheetsproblemer oder Är Behandlung ugeet?

Q23.C.
Global gesin, ärer Erfahrung no, wéi bewert Dir de Niveau vun der Kommunikatioun deen Dir mat de Gesondheetsservicer am Laaf vun deen läschten 12 Méint hat?

1: Ganz gudd
2: Gudd
3: Mëttelméisseg
4: Schlecht
5: Ganz schlecht
6: NSP

Q25.
Wann Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, een Gesondheestsberuffler konsultéiert huet, sin do d'Décisiounen geholl gin betreffend engem Traitement (Z.b.fir eng Ordonnance fir Medikamenter ze kréien) oder Untersuchung?

1: JO -> ALLER A Q.26.A
2: NEE -> ALLER A Q.26.B
3: NSP -> ALLER A Q.26.B

Q26.A.
Hun am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, d'Dokteren, d'Infirmièren oder aner Gesondheetsberuffler Iech mat abezun esou oft wéi Dir ët gewënscht hut fir d'Wiel vun den Soin'en, de Behandlungen oder Ären Untersuchungen?

(LIRE)

1: Emmer
2: Oft
3: Heiansdo
4: Nie
5: NSP

Q26.B.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint..

1: emmer
2: oft
3: heiansdo
4: oder nie...
5: NSP

1: vun der Art a Weis wéi Dir an Décisiounen mat abezun gi sid wat Är Traitementer ubelaangt?
2: vum Respekt vun der Vertraulechkeet vun den Informatiounen, die Iech betreffen vun den Gesondheetsservicer
3: vun der Méiglechkeet fir d'Servicer vun engem Gesondheetsberuffler oder eng Ariichtung vun Ärer Wiel ze notzen

Q27.
Global gesin, am Laaf vun den läschten 12 Méint, wéi bewert Dir Är Erfahrung..

1: ganz gudd
2: gudd
3: mëttelméisseg
4: schlecht
5: ganz schlecht
6: NSP

1: vun der Art a Weis wéi Dir an Décisiounen mat abezun gi sid wat Är Traitementer ubelaangt?
2: vum Respekt vun der Vertraulechkeet vun den Informatiounen, die Iech betreffen vun den Gesondheetsservicer
3: vun der Méiglechkeet fir d'Servicer vun engem Gesondheetsberuffler oder eng Ariichtung vun Ärer Wiel ze notzen

Q28.
Wat sin am Laaf vun deene läschten 12 Méint, d'Schwieregkeeten gewiescht..?
(LIRE)

1: Guer keng Schwieregkeeten
2: e puer Schwieregkeeten
3: mëttelméisseg Schwieregkeeten
4: grouss Schwieregkeeten
5: ganz grouss Schwieregkeeten
6: NSP
7: oder nët applizéierbar

1: fir e Gesondheetsberuffler ze fannen(Dokter, Infirmière, aner Hëllefskraaft) die Iech passt
2: fir aner Gesondheetsservicer ze benotzen wéi déi, die Dir geméinlech benotzt

Q29.
Wat d'Lokaler ubelaangt wou Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint hi gaangen sid fir medezinesch Soie'en ze kréien, wéi bewert Dir...
(LIRE)

1: ganz gudd
2: gudd
3: mëttelméisseg
4: schlecht
5: ganz schlecht
6: NSP
7: oder nët applizéierbar

1: D'Qualitéit vun der Salle d'Attente (zum Beispill de Raum, d'Fautellen, d'Belëftung..)
2: D'Propretéit vum Lokal

Q30.
Wéi schengt Iech global gesin, *FONT 3d'Qualitéit vun der Emwelt*FONT 0, wéi zum Beispill den Raum, d'Fautellen, d'Belëftung, d'Propretéit vun de Gesondheetsservicer, déi Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint besicht hut, ze sin...

LIESEN

1: Ganz gudd
2: Gudd
3: Mëttelméisseg
4: Schlecht
5: Ganz schlecht
6: NSP - Erënnert sech nët
7: Applizéiert sech nët bei Hausbesuch

Q31.
Hut Dir eng Nuecht an enger medizinescher Ariichtung oder an engem Spidol an deenen läschten 12 Méint verbruecht?

1: JO -> ALLER A Q.32
2: NEE -> ALLER A Q.37
3: NSP -> ALLER A Q.37

Q32.
Wat war de Num vun deem Etablissement an deem Dir fir d'läscht hospitaliséiert wart ?

(INT. den ganzen Num aschreiwen)

NUM :

Q33.
Hut Dir Är Soin'en am Spidol esou schnell krut wéi Dir se gewënscht hut?

1: JO
2: NEE
3: NSP - sech nët erënneren

Q34.
Hun am Spidol, d'Dokteren an d'Infirmièren sech esou schnell ëm Iech gekëmmert, wéi Dir ët gewënscht hut?

LIESEN

1: Emmer
2: Oft
3: Heiansdo
4: Nie
5: NSP - Erënnert sech nët

Q35.
Global gesin am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, wéi bewert Dir Är Erfahrung..?

1: ganz gudd
2: gudd
3: mëttelméisseg
4: schlecht
5: ganz schlecht
6: NSP

1: vun der Schnellegkeet mat der een sech am Spidol ëm Iech bekëmmert huet
2: vun der Art a Weis wéi een Iech mat Würd (Dignitéit) am Spidol behandelt huet
3: vun der Art a Weis wéi d'Personal vum Spidol mat Iech kommunikéiert hut
4: vun der Abezéiung an d'Decisiounen wat Är Soin'en an Är Traitementer ugeet
5: vum Respekt vun der Vertraulechkeet vun den perséinlechen Informatiounen am Spidol
6: dass Dir selwer Ärt Spidol wielen konnt
7: vun der Art a Weis mat der d'Spidol Iech de Kontakt mat Ärer Famill, Ären Frënn vereinfacht huet an - oder Iech erlaabt huet, Är relies a sozial Gewunneschten beizebehalen

Q36.
Am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, wéi Dir am Spidol wart, op wat fir eng Art a Weis huet d'Spidol akzeptéiert, dass...

(LIRE)

1: Ganz ouni Schwieregkeeten
2: gewësse Schwieregkeeten
3: mat Schwieregkeeten
4: mat vill Schwieregkeeten
5: mat immens vill Schwieregkeeten
6: NSP

1: Är Famill oder Är Frënn Är perséinlech Wënsch erfëlle konnten zum Beispill an deem se Iech Är Lieblingsiesswueren, -seef matbruecht hun
2: Fir Iech Är Relioun ausüben ze loossen oder Ären traditionnellen Gottesdëngscht?

Q37.
Sid Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, schlecht behandelt gin (Jo, Nee, NSP, Refus) vun dem Gesondheetssystem vu Eisem Land op Grond vun Ärer … ?

1: JO
2: NEE
3: NSP

4: REFUS

1: Nationalitéit
2: Sozialer Klass
3: Mangel u privater Assurance
4: Ethnescher Zougehéieregkeet
5: Rass
6: Geschlecht
7: Sprooch
8: Relioun
9: Politeschen Usichten - anere Glawen
10: Gesondheetszoustand
11: Mangel u Geld oder Verméigen

Q37.
Sid Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, schlecht behandelt gin vun dem Gesondheetssystem vu Eisem Land wéinst aner Grënn

WA JO PRECISER

1: JO
2: NEE

Q37.
PRECISER

Q38.
Sid Dir am Laaf vun deenen läschten 12 Méint, net an eng Konsultatioun gaangen well dir net genuch Souen haatt?

1: Oui, n'a pas consulté par manque d'argent
2: Non, a consulté même si manque d'argent
3: NSP
4: Refus

Q39.
1. Ech liesen Iech verschidden Beschreiwungen vun der Art a Weis vir mat deenen den Gesondheetssystem vun eisem Land Respekt géigeniwer den Patienten weist an hinnen eng firrangech Plaaz am Kär vum System accordéiert.
Vis-à-vis vum Gesondheetssystem hei am Land, sot mir wat hei vun dat wichtegst as
(1 EENZEG ÄNTWERT / LIESEN)

1: D'Dignitéit dat heescht Respekt kréien a physech Untersuchungen am Respekt vun der Intimitéit gemach kréien
2: Vertraulechkeet vun den Informatiounen, dat heescht d'Vertraulechkeet vun Ärem medezineschen Dossier garantéieren an mat Gesondheetsberuffler schwätzen kënnen, ouni vun engem Drëtten gehéiert ze gin.
3: D'Wiel, dat heescht säin Dokter oder seng Infirmière oder all aner medezinesch Hëllefskraaft fräi eraussichen
4: Schnellegkeet vun de Soin'en, dat heescht dass d'Distanz an d'Zäit vun den Déplacementer zwëschen dem doheem an der Plaaz vun de Soin'en raisonnabel sin, dass Dir schnell Soin'en kritt am Fall wou ët drëngend as, dass d'Zäit fir op e Rendez-vous an op d'Konsultatioun ze warden kuerz as, dass d'Untersuchungen

schnell ausgeféiert gin, dass d'Waardezäiten fir chirurgesch Operatiounen déi nët drëngend sin, kuerz sin.
5: Autonomie, dat heescht an d'Wiel vun de Soin'en an vun dem Traitement mat abezun gin, wann een dat wënscht, dass de Gesondheetsberuffler d'Erlaabnis vum Patient froen muss, ier en Traitement oder eng Untersuchung ulaafen kann
6: D'Emwelt dat heescht dass d'Salle d'Attente grouss muss sin, durchlëft as an iwert eng ausreechend Zuel vun Still verfügen muss, dass d'Lokaler proper sin (d'Toiletten mat abegraff), dass d'Iessen gesond an appetitlech as
7: Sozial Ennerstëtzung, dat heescht d'Méiglechkeet fir d'Famill fir Iessen an Cadeau'en ze brengen, d'fräi Praktizéieren vun der Relioun
8: Kommunikatioun, dat heescht d'Nolauschteren vum Pfleger, kloer an verständlech Erklärungen vum Pfleger, dass dem Patient Zäit gelooss gët fir Froen ze stellen
9: NSP

Q39.
Vis-à-vis vum Gesondheetssystem hei am Land, sot mir wat hei vun dat wichtegst as

2. A wat as dat manst wichteg?

1: D'Dignitéit dat heescht Respekt kréien a physech Untersuchungen am Respekt vun der Intimitéit gemach kréien
2: Vertraulechkeet vun den Informatiounen, dat heescht d'Vertraulechkeet vun Ärem medezineschen Dossier garantéieren an mat Gesondheetsberuffler schwätzen kënnen, ouni vun engem Drëtten gehéiert ze gin.
3: D'Wiel, dat heescht säin Dokter oder seng Infirmière oder all aner medezinesch Hëllefskraaft fräi eraussichen
4: Schnellegkeet vun de Soin'en, dat heescht dass d'Distanz an d'Zäit vun den Déplacementer zwëschen dem doheem an der Plaaz vun de Soin'en raisonnabel sin, dass Dir schnell Soin'en kritt am Fall wou ët drëngend as, dass d'Zäit fir op e Rendez-vous an op d'Konsultatioun ze warden kuerz as, dass d'Untersuchungen schnell ausgeféiert gin, dass d'Waardezäiten fir chirurgesch Operatiounen déi nët drëngend sin, kuerz sin.
5: Autonomie, dat heescht an d'Wiel vun de Soin'en an vun dem Traitement mat abezun gin, wann een dat wënscht, dass de Gesondheetsberuffler d'Erlaabnis vum Patient froen muss, ier en Traitement oder eng Untersuchung ulaafen kann
6: D'Emwelt dat heescht dass d'Salle d'Attente grouss muss sin, durchlëft as an iwert eng ausreechend Zuel vun Still verfügen muss, dass d'Lokaler proper sin (d'Toiletten mat abegraff), dass d'Iessen gesond an appetitlech as
7: Sozial Ennerstëtzung, dat heescht d'Méiglechkeet fir d'Famill fir Iessen an Cadeau'en ze brengen, d'fräi Praktizéieren vun der Relioun
8: Kommunikatioun, dat heescht d'Nolauschteren vum Pfleger, kloer an verständlech Erklärungen vum Pfleger, dass dem Patient Zäit gelooss gët fir Froen ze stellen
9: NSP

Q40.
Hei sin eng Rei Szenarioen. Wéi bewert Dir d'Art a Weis wéi de Pfleger mat all Patient(in) *FONT 3kommunizéiert*FONT 0 huet

1: ganz gudd
2: gudd
3: mëttelméisseg
4: schlecht
5: ganz schlecht

6: NSP

1. "D'Rosi" as eng aal Fra, déi Analphabetin as. Die läscht Zäit as së schwindeleg an huet Schwieregkeeten fir anzeschlofen. Mee den Dokter huet nët opgepasst wat Sie zu him gesot huet. Hien huet hir geäntwert Sie hätt näischt, huet eppes op e Blat Pabeier geschriwen an huet hir gesot dass së d'Medikamenter an d'Apdikt sichen goen soll

2. "D'Carmen" huet eng Blutanalys maache gelooss an den Dokter huet him gesot, dass ët "Diabetes Millutes" hätt an dass d'Aktivitéit vun der Bauchspeicheldrüs noloossen wärt. Hien huet hir och gesot, dass së "Injektionen mat Insulin 3 Mol pro Daag" bräicht an dass së misst oppassen op së eng "Hypoglycémie" maachen géif. Wa së nët den Zockerspigel am Blut kontrolléiert, dann riskéiert së blann ze gin. D'Carmen ass ganz onbehollef, well së huet nët gudd begraff, wat den Dokter hir gesot huet, mee hat as obligéiert ze goen well den Dokter schon de nächsten Patient erageruff huet.

3. "D'Deborah" as eng jonk Fra, die vun hirer Famill an d'Klinik bruecht gin as well së ganz ängschtlech a gestresst as. Obschon dass së bei gudder Gesondheet as, huet së Angscht ze stiewen. Den Dokter hëllt sech Zäit fir hir nozelauschteren an fir së ze berouegen a proposéiert dem Deborah all Kéiers an d'Klinik ze kommen, wann së de Besoin dozou verspiert

4. "D'Sonja" ass an den Dispensaire komm mat sengem Puppelchen vun 3 Méint. Hat seet dass säi Kand ganz vill ofgeholl huet, dass ën zënter 2 Deeg Féiwer huet, an dass ën nët méi vun senger Mëllech drénken wëllt. D'Infirmière huet der Mamm gudd nogelauschtert ouni se ze ënnerbriechen. Sie huet hier e puer Froen gestallt an huet d'Mamm gefrot op Sie gudd verstanen hätt.

5. "De Mario" as Epileptiker an ët as him ugeroden gin en Traitement ze maachen. Den Dokter huet him ganz kuerz Erklärungen iwert seng Krankheet gin, well hien ganz presséiert as an well d'Salle d'Attente voll as. De Mario hätt gären méi gewosst, mee spiirt dass de Moment nët ganz ubruecht as an souwiesou wärt den Dokter him nët gudd nolauschteren.

6. "Den Tom" as gewuer gin, dass hien de groen Star huet an dass hien sech operéiere loossen misst. Hien huet nach nie eng Untersuchung vun den Aen gebraucht an hien versteht nët firwat hien nët méi ganz gudd gesäit. Den Dokter huet dem Tom erklärt wat hien huet, mee den Tom huet absolut näischt verstanen an hien huet Angscht fir Explikatiounen ze froen. Den Dokter war nët beméit fir ze wëssen op den Tom begraff hätt oder nët.

7. "De Jang" huet Peng op der Broscht zënter enger gewëssen Zäit. All Kéiers wann hien houscht oder wann hie Sport mecht, spiert hien die Peng. Hien fëmmt zënter 30 Joer. Nodeems en ënnersicht gouf, seet säin Dokter him dass sech e Krieps entwëckele wärt, wann hien nët ophällt mat fëmmen. Den Dokter as nët ganz mattfillend, hien selwer schléit dem Jang keng Mëttelen vir fir mat dem Fëmmen opzehaalen.

Q41.
Hei sin eng Rei Szenarioen. Wéi bewert Dir d'Art a Weis mat der de Pfleger all Patient(in) behandelt huet wat seng Dignitéit betrëfft

LIESEN (ganz gudd, gudd, mëttelméisseg, schlecht, ganz schlecht, NSP)

1: ganz gudd
2: gudd
3: mëttelméisseg
4: schlecht
5: ganz schlecht
6: NSP

1. "Den Conrad" huet den AIDS. Wéi hien an den Centre Médical komm as, gréisst den Dokter hien an deems hien him d'Hand gët. Hien seet him sech ze sëtzen an freet hien no den Problemer déi hien huet. D'Infirmièren sin beonrouegt wéinst dem Conrad sengem Zoustand. Sie gi gudd Rotschléi fir säi Gesondheetszoustand ze verbesseren.

2. "D'Anya" bréngt säin Kand wat 3 Joer al as, mat fir ët ze impfen. D'Infirmière freet ët firwat ët nach nët an den Dispensaire komm as, bematleed ët wéi Sie héiert dass d'Anya d'Problemer huet fir een Transportmëttel ze fannen. D'Infirmière erklärt dem Anya d'Wichtegkeet fir reegelméisseg de Wuestum vun sengem Kand kontrolléieren ze loossen.

3. "D'Julia" presentéiert sech am Centre Médical fir een Traitement zu enger Auerzäit ze kréien wou den Zentrum strubbelvoll as. D'Patienten sin ganz presséiert fir hieren Traitement ze kréien an sie hun nët ganz vill Loscht fir d'Schlang ze maachen fir hieren Tour ofzewaarden. D'Infirmièren behaalen hier Rou de gréissten Deel vun der Zäit fir de Patienten ze soen dass Sie hieren Tour ofwaarden sollten, mee mat Momenter, gi sie rosen a reprochéieren dem Julia dass ët nët op senger Plaatz an der d'Schlang bleift.

4. "D'Patricia" geet reegelméisseg an den Dispensaire deen no bei him doheem as. D'Infirmièren sin emmer ganz vill beschäftegt, mee schwätzen emmer ganz frëndlech mam Patricia. Mee d'Receptionnistin as oft schlecht gelaunt, an wann hat schlecht gelaunt as, dann ass ët emmer desagreabel mam Patricia an mat deenen aneren Patientinen. Mee fir e R.V. bei den Dokteren an bei den Infirmièren ze kréien, do muss ee bei der Receptionnistin passéieren an säi schlechten Charakter erdroen.

5. "d'Kim" huet säi Puppelchen vun 6 Méint an den Centre Médical bruecht fir en Gesondheetsbilan. D'Infirmière as ganz veriergert wéi se gemierkt huet dass d'Kim de Carnet de Santé vum Kand vergiess huet mattzebrengen. D'Infirmière huet sech esou geiergert, dass all Mammen die present waren ët héieren hun an Sie as weidergefuer fir sech ze beschwéieren a gegrommelt iwer di noléisseg Mammen die den Infirmièren supplémentär Aarbecht maachen, während së de Puppelchen gewiehen huet.

6. "De Said" huet den AIDS. Wéi hien an den Centre Médical gaangen as, mierkt hien dass d'Dokteren an d'Infirmièren nët ganz sympathesch mat him sin. Sie

schwätzen nët ganz gär mat him. Sie ignoréieren hien oft wëssentlech. Hien as dacks obligéiert fir se dorëms ze bieden dass hien Äntwerten op seng Froe kritt.

7. "D'Florence" geet an d'Spidol well ët de Moo wéi huet. Eng Infirmière mecht eng anfrendlech Bemierkung well ët d'Kaart vun der Sécurité Sociale vergiess huet. Zwou aner Infirmièren die presséiert sin, maachen onhéiflech Remarken iwert d'Famill vum Florence an iwert d'Leit aus sengem Duerf. Trotz dem Leiden an dem Seufzen vum Florence proposéiert kee Mensch him, dass ët sech sëtzen kann während säin Dossier ausgefëllt gët.

D.15 a) Wat as Äre Beruf fir de Moment?

1: Persoun déi fir déi normal Akeef zoustänneg as, sech em de Stot këmmert (Hausfra) oder guer keng berufflech Aktivitéit huet
2: Schüler, Student
3: Zur Zeit ouni Arbecht, Chômeur
4: Pensionnéierten oder längeren Krankecongé
5: Bauer
6: Fëscher
7: Fräiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt,...)
8: Commerçant, Geschäftsbesëtzer, Handwierker
9: Industriel, Proprietär vun engem Betrieb (ganz oder deelweis)
10: bezuelte-salariéierte Fräiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt déi eng fest Pei all Mount kréien)
11: Cadre supérieur - dirigeant (PDG, Direkter)
12: Cadre moyen
13: Aner Kategorien vun Bürosemployeen
14: Employeen déi nët am Büro schaffen mee ennerwee sin (Reesender, Chauffeur, Verkeefer,...)
15: Employeen déi nët am Büro schaffen, (Service personal, ewéi Spidol, Restaurant, Polizei, Pompjeen,...)
16: Firarbechter, Meeschter
17: Kalifizéierten Aarbechter
18: Onkalifizéierten Aarbechter, Hauspersonal

D15.
b) SI PAS D'ACTIVITE ACTUELLE (CODES 1 - 4 EN D15.a)
Hat Dir eng bezuelte berufflech Aktivitéit virdrun gehat? Wat fir eng fir d'lescht?

1: Bauer
2: Fëscher
3: Fräiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt,...)
4: Commerçant, Geschäftsbesëtzer, Handwierker
5: Industriel, Proprietär vun engem Betrieb (ganz oder deelweis)
6: bezuelte/salariéierte Fräiberuffler (Avekot, Dokter, Expertcomptable, Architekt déi eng fest Pei all Mount kréien)
7: Cadre supérieur / dirigeant (PDG, Direkter)
8: Cadre moyen
9: Aner Kategorien vun Bürosemployeen
10: Employeen déi nët am Büro schaffen mee ennerwee sin (Reesender, Chauffeur, Verkeefer,...)
11: Employeen déi nët am Büro schaffen, (Service personal, ewéi Spidol, Restaurant, Polizei, Pompjeen,...)

12: Firarbechter, Meeschter
13: Kalifizéierten Aarbechter
14: Onkalifizéierten Aarbechter, Hauspersonal
15: Hat nie eng bezuelte berufflech Aktivitéit

D.19
a) Sid Dir den Haaptresponsable an Ärem Stoot fir d'Akeef a den Entretien vum Haus ?

1: JO
2: NEE

D.19
b) Sid Dir d'Persoun am Stoot déi dat meescht vum Haushaltsakommes béisteiert ?

1: JO
2: NEE

D.23
Wann Dir énnert dése 5 Nimm Äre Sozialklass mist bezechnen/uginn, wéieng wier et dann ?

(LIRE-UNE SEULE REPONSE)

1: Mëttleklass
2: ënner Mëttelklass
3: Arbechterklass
4: iewecht klass
5: iewecht Mettelklass
6: well sech nët klasséieren
7: Aner
8: wees nët

D.8
Wéi al wart Dir mat Ären ganzdeeglechen Studien opgehal hut ?

(SI ETUDIE ENCORE : CODER 00)

….Joer

D29.
Kënnt Dir mir w.e.g. soen wéi héich ongeféier de mounatlechen Bruttogehalt vun Ärem Stoot as?

1: manner ewéi 50.000 LUF am Mount
2: 50.000 à 69.999 LUF am Mount
3: 70.000 à 89.999 LUF am Mount
4: 90.000 à 99.999 LUF am Mount
5: 100.000 à 109.999 LUF am Mount
6: 110.000 à 119.999 LUF am Mount
7: 120.000 à 129.999 LUF am Mount
8: 130.000 à 139.999 LUF am Mount
9: 140.000 à 149.999 LUF am Mount
10: 150.000 à 159.999 LUF am Mount
11: 160.000 à 169.999 LUF am Mount
12: 170.000 a méi am Mount
13: Refus

14: NSP

P6.
Awunnerzuel vun der Gemeng ?

1: moins de 2.500 habitants
2: 2.500 - 5.000
3: 5.000 - 10.000
4: 10.000 - 20.000
5: 20.000 - 50.000 (Esch/Alzette)
6: plus de 50.000 (Luxembourg-Ville)
9: Ne sait pas

P5.
Coopération du répondant

1: Excellente
2: Bonne
3: Moyenne
4: Médiocre